



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

Äntwert vun der Madamm Gesondheetsministesch op d'parlamentaresch Fro n° 6997 vum 13. Oktober 2022 vun den honorabelen Deputéierten Här Sven Clement an Här Marc Goergen.

1) Sinn dem Gesondheetsministère Fäll vu Ruptures de stock an den Apdikte bekannt? Falls jo ëm wéi vill Zorte vu Medikamenter handelt et sech momentan?

Am Fall vun engem Enkpass fir en gewëssent Medikament, gëtt den Gesondheetsministère ëmmer doriwwer informéiert. Dës Rupturen kënnen all Zort vun Medikament betreffen, mee generell bliwen awer ëmmer aner Alternativen disponibel.

An der zweeter Halschecht vum Mount Oktober sinn dem Gesondheetsministère temporaire Indisponibilitäten vun 13 Medikamenter-Famillen déi an Officine verkaf ginn notifiéiert ginn.

2) Bei wéi ville Medikamenter koum et an deene leschte 6 Méint zu Ruptures de stock?

Zwëschen Abrëll an September 2022 sinn dem Gesondheetsministère Ruptures de stock vun 173 Medikamenter notifiéiert ginn.

Lëtzebuerg, den 15. November 2022

D'Gesondheetsministesch

(s.) Paulette Lenert